N°765
Entrée le 21.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Wéi d'*Tageblatt* mellt, krutte si de Weekend no enger Demande u *MeteoLux* zu enger Facebook Diskussioun eng Drohung ausgeschwat. Esou wier de Journaliste vum *Tageblatt* gesot ginn:

> "Mit „einem Klick", wie es am Telefon im Meteolux-Büro hieß, könne das *Tageblatt* von allen Informationen des staatlichen Wetterdienstes abgeschnitten werden, sollte die Berichterstattung in diesem Fall nicht genehm sein."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Ministesch zu esou Aussoe géigeniwwer der Press?

2. Wäert d'Ministesch hei reagéieren a mat de Responsabele vu *MeteoLux* de Kontakt sichen, fir datt esou Aussoen net méi virkommen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°765
Entrée le 10.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madame Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlementaresch Fro N°765 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen**

*Wéi steet d'Ministesch zu esou Aussoen géigeniwwer de Press? Wäert d'Ministesch hei réagéieren a mat de Responsabele vu Meteolux de Kontakt sichen, fir datt esou Aussoen net méi virkommen?*

Eng Drohung vis-à-vis vun der Press ass an wier natierlech an all Form inakzeptabel.

Esoubaal ech a Kenntnis gesaat gi sinn, dass esou Aussoen ewéi den honorablen Deputéierten se an sénger parlementarescher Fro opwerft am Ëmlaaf sinn, hunn ech d'Direktioun vun der Admininistration de la navigation aérienne (ANA), déi och zoustänneg fir Meteolux ass, **an den concerneierten Beamten**, gesinn. Déi Aussoen ëm déi et geet sinn an deem Gespréich net bestätegt ginn.

Ech kruut verséchert, dass d'ANA an Météolux hir Aufgab an Obligatioun fir d'Press an d'Bevölkerung ze informéieren escht huelen an op eng kloer, transparent an proaktiv **Kommunikatioun mat der Presse setzt**. Ech kruut och confirméiert, dass all Presseorgan an Zeitung zelwescht behandelt gëtt. Ausserdeem huet d'Direktioun mer verséchert, dass hir Mataarbechter nach eng kéier iwwert d'Prozeduren fir mat der Presse ze schwätzen sensibiliséiert gi sinn.

Lëtzebuerg, den 6. Juni 2024

La Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

(s.) Yuriko Backes